LSAP

N° 4572
Entrée le 05.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.08.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4 August 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Sportministesch an un de Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Schwamme léieren ass eng wichteg Liewenskompetenz an e wesentleche Bestanddeel vum Sportunterrecht. Gläichzäiteg gëtt et ëmmer nees Hiweiser, datt verschidde Gemengen net iwwer eng adequat Schwamminfrastruktur verfügen oder datt d'Kanner aus organisatoreschen oder infrastrukturelle Grënn net méi reegelméisseg am Kader vum Schoulunterrecht schwamme kënnen. Dat schéngt ënner anerem och verschidde Gemengen an der Regioun Mëllerdall ze betreffen.

An enger rezenter Äntwert op eng parlamentaresch Fro huet d'Regierung uginn, datt am Schouljoer 2023/2024 64 % vun de Kanner am Cycle 1 an 73 % vun de Kanner am Cycle 2 reegelméisseg am Kader vun der Schoul schwamme ginn.

An deem Zesummenhang géife mir deenen zoustännege Ministere gär follgend Froe stellen:

1. Wéi huet sech dëse Prozentsaz zënterhier entwéckelt?
2. Wéi eng Gemengen oder Schoulstanduerter kënne Schoulschwammen haut net oder nëmme limitéiert ubidden, well keng adequat Schwamminfrastruktur disponibel ass?
3. Wéi bewäert d'Regierung dës Situatioun am Hibléck op d'Zil, datt all Kand zu Lëtzebuerg sécher schwamme léiert?
4. Huet d'Regierung sech e konkret Zil gesat, wéi héich den Undeel vun de Kanner soll sinn, déi am Kader vum Schoulunterrecht reegelméisseg schwamme kënnen? Falls jo, bis wéini soll dëst Zil erreecht ginn?
5. Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung, fir de Manktem u Schwamminfrastrukturen ze behiewen an d'Schoulschwammen am ganze Land ofzesécheren?
6. Ass d'Regierung bereet, Gemengen, déi an nei Schwamminfrastrukturen investéieren oder interkommunal Léisunge schafen, finanziell oder op aner Aart a Weis nach méi staark z'ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

Ben Streff
Députéierten

Francine Closener
Députéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Martine Hansen, Sportsministesch, an dem Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro n° 4572 vun den honorabelen Deputéierten Francine Closener an Ben Streff**

1° **Wéi huet sech dëse Prozentsaz zënterhier entwéckelt?**
Zanter dem Schouljoer 2023/2024 ass den Undeel vun de Kanner, déi reegelméisseg am Kader vun der Schoul schwamme ginn, däitlech geklommen. Am Cycle 1 läit dësen Taux aktuell bei 77 %, géintiwwer 64 % am Schouljoer 2023/2024. Am Cycle 2 ass en am selwechten Zäitraum vun 73 % op 98,5 % geklommen.

2° **Wéi eng Gemengen oder Schoulstanduerter kënne Schoulschwammen haut net oder nëmme limitéiert ubidden, well keng adequat Schwamminfrastruktur disponibel ass?**
Positiv ervirzesträichen ass déi signifikant Augmentatioun vum Pourcentage vun de Schüler, déi reegelméisseg vun engem Schwammunterrecht am schoulesche Kontext profitéieren an de Fait, datt d'quasi Totalitéit vun de Schüler aus dem Cycle 2 vum engem Schwammunterrescht profitéieren. Eenzeg an dräi Gemengen gi wärend de Cyclen 1 an 2 keng reegelméissegen Schwammcouren ugebueden.

3° **Wéi bewäert d'Regierung dës Situatioun am Hibléck op d'Zil, datt all Kand zu Lëtzebuerg sécher schwamme léiert?**
Fir d'Regierung ass et wichteg, de Kanner méiglechst gutt Viraussetzungen ze bidden, fir déi am Plan d'études virgesinne Kompetenzen am Beräich Schwammen z'entwéckelen. Gläichzäiteg ass d'Regierung sech bewosst, datt d'Méiglechkeet, reegelméisseg Schwammunterrecht unzebidden, jee no Disponibilitéit vu Schwammzäiten an Infrastrukturen ënnerschiddlech ass. Dëst stellt eng Erausfuerderung fir eng flächendeckend Ëmsetzung duer.
D'Zil ass et, datt all Kand déi néideg Kompetenzen am Schwammen entwéckele kann. Eng adequat Infrastruktur an en entspriechenden Zougang zu Schwammzäite sinn dofir wichteg Viraussetzungen.

4° **Huet d'Regierung sech e konkret Zil gesat, wéi héich den Undeel vun de Kanner soll sinn, déi am Kader vum Schoulunterrecht reegelméisseg schwamme kënnen? Falls jo, bis wéini soll dëst Zil erreecht ginn?**
D'Regierung huet aktuell kee landeswäit quantifizéiert Zil mat engem spezifesche Prozentsaz an engem fixen Zäithorizont festgeluecht, no deem en definéierten Undeel vun de Kanner reegelméisseg am Kader vum Schoulunterrecht schwamme muss.
D'Zil ass et awer, datt all Kand déi am nationale Léierplang virgesinne Kompetenzen am Beräich Schwammen entwéckele kann.

**5° Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung, fir de Manktem u Schwamminfrastrukturen ze behiewen an d'Schoulschwammen am ganze Land ofzesécheren?**

D'Regierung ass sech bewosst, datt d'Disponibilitéit vu genuch Schwamminfrastrukturen eng wichteg Viraussetzung fir e reegelméissegen a qualitativ héichwäertege Schwammunterrecht ass.
D'Verantwortung fir d'Bereetstellung vun de néidege Schoulinfrastrukture fir de Fondamental läit primär bei de Gemengen. De Staat huet an dësem Beräich eng ënnerstëtzend Roll, notamment iwwer d'finanziell Ënnerstëtzung vun eligibele kommunalen an interkommunale Sportinfrastrukturprojeten.
D'Regierung wäert d'Gemengen an d'Gemengesyndikater bei entspriechende Projeten am Kader vun de legalen a budgetaire Förderméiglechkeeten begleeden a cofinanzéieren.

**6° Ass d'Regierung bereet, Gemengen, déi an nei Schwamminfrastrukturen investéieren oder interkommunal Léisunge schafen, finanziell oder op aner Aart a Weis nach méi staark z'ënnerstëtzen?**

D'Investitioun an d'Sportinfrastrukturen, an domat och d'Schwämmen déi vum Gemengesecteur gebaut ginn, faalen ënnert d'Gesetz vum Fënnef-Joeresplang.
Regional Projeten, also Projeten vun Sportinfrastrukturen, dei vun mindestens zwou Gemengen genotzt ginn, gi schonn haut mat engem mei heichen Taux subventionéiert. An dësem Sënn kennen d'Gemengen sech zesummenschléissen fir eng Opdeelung vun de Käschten an awer och eng optimal Notzung vun der Infrastruktur. Des Logik soll och an Zukunft bäibehale ginn. Donieft ënnerstëtzt de Sportministère d'Bauhären duerch eng Berodung.

**Lëtzebuerg, den 25. September 2026**
D'Sportsministesch
(s.) Martine Hansen